

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech  
lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Interieur &  
Gesondheet weiderzeleeden.**

Am Oktober 2014 gouf eng éischt Distributions-Campagne vu Kaliumiodidtablette gestart.  
Laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2618 huet de Lëtzebuerger Staat deemools 2,5  
Millioune Pëlle kaaft gehat. Ronn 182'000 Leit waren sech deemools Tabletten op hier  
Gemeng oder an hier Apdikt sichen. Um Site InfoCrisse vum Staatsministère kann ee liesen:

*"Die Einnahme von Kaliumiodidtabletten ab 6 Stunden vor dem etwaigen Einatmen  
von radioaktivem Jod, also 6 Stunden vor dem Vorbeiziehen der radioaktiven  
Wolke, bietet der Schilddrüse hundertprozentigen Schutz."*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat war den Verfallsdatum vun den 2014 verdeelten Kaliumiodidtabletten? Gedenkt  
d'Regierung déi ofgelafen Tabletten ze ersetzen an, gegebenfalls, eng néi Distributions-  
Campagne ze starten?
2. 2014 kruten och 150 Entreprisë Kaliumiodidtablette verdeelt. An der Äntwert op déi  
deemoleg Fro heescht et:

*"La commande de comprimés d'iode par les entreprises est toujours possible  
et la Division de la radioprotection du ministère de la Santé continue à  
recevoir régulièrement de telles demandes par les entreprises."*

Wéi vill Ufroen sinn an deene leschten 2 Joer bei der Division de la radioprotection  
gemaach ginn?

3. Och an de Schoulen, Maisons Relais a Crèche goufen deemools Stocke vu  
Kaliumiodidtabletten opgestallt. Goufen eventuell ofgelafen Tabletten aus dëse Stocke  
schonn eraus geholl an ersat?

Mat déiwem Respekt,

A stylized, handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes.

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)